N°100
Entrée le 13.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.12.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gläichheet tëscht Geschlechter an Diversitéit weiderzeleeden.**

A m *Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ* vun 2018 gouf festgehalen, dass eng reegelméisseg Evaluatioun vun der Ëmsetzung vum Plang géif gemaach ginn. Konkret heescht et am Dokument:

> Afin de garantir la bonne mise en œuvre du présent plan d'action, un comité interministériel LGBTI sera créé, sous la présidence du Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région. Ce comité aura pour mission le suivi de l'implémentation du présent plan, une évaluation régulière de ses objectifs et actions, ainsi que la proposition de nouvelles priorités, objectifs et actions. Un bilan intermédiaire externe aura lieu après trois ans, suivi d'une évaluation externe après cinq ans. Le comité pourra se faire aider dans ses tâches par des experts, notamment les institutions des droits humains, les représentants de la société civile ou des experts par expérience.

Am neie Koalitiounsaccord steet dann och, dass d'Regierung de plan d'action national LGBTI+ adaptéiere wëll.

An deem Zesummenhang wéilte mir der Ministesch dës Froe stellen:

1. Goufen 2021 an 2023, esou wéi et geplangt war, extern Evaluatiounen an Optrag ginn?

2. Wien huet den Optrag/ d'Opträg erhalen, wéi vill hunn se kascht a wou sinn d'Aarbechten un den externen Evaluatiounen drun?

3. Sinn d'Resultater vun den/der Evaluatioun(en) der Regierung schonns iwwermëttelt ginn?

   Falls jo: Kann d'Regierung d'Haaptresultater skizzéieren an opléschten, wéi eng Gelder konkret fir

d'Ëmsetzung vum *Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ* ausgi goufen an u wien se gaange sinn?

4. Sinn d'Resultater vun den/der Evaluatioun(en) ganz oder deelweis ëffentlech zougänglech?

   Falls jo: Wou?

   Falls nee: Firwat net?

5. Wéi eng Projeten/Mesuren wäerten 2024 am Kader vum *Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ* ëmgesat oder ënnerstëtzt ginn?

   Kann d'Regierung scho soen, wéi eng Gelder 2024 konkret an d'Ëmsetzung vum *Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ* sollen investéiert ginn an u wien se wäerte goen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes op d'parlamentaresch Fro N° 100 vum 13. Dezember 2023 vun den honorabelen Deputéiert Sven Clement a Ben Polidori**

**1. Goufen 2021 an 2023, esou wéi et geplangt war, extern Evaluatiounen an Optrag ginn?**

Déi éischt Tëschenevaluation vum nationalen LGBTI Aktiounsplang war 3 Joer nom Ulafe virgesinn, dat heescht ab Juli 2021. De Familljeministère, deen deemools zoustänneg vum Dossier war, huet am Februar 2022 e Kontrakt mat der Universitéit Lëtzebuerg ënnerschriwwen. Dës Aarbechten hu bis Enn 2023 gedauert, esou dass déi zweet Evaluatioun nach net an Optrag gi gouf.

**2. Wien huet den Optrag/ d'Opträg erhalen, wéi vill hunn se kascht a wou sinn d'Aarbechten un den externen Evaluatiounen drun?**

Den Optrag un d'Uni Lëtzebuerg bezitt sech op d'Budgetsjoren 2022 an 2023, an huet insgesamt 110.477,40€ kascht (94.890 HTVA). Déi lescht Validatioune sinn am Moment um Lafen.

**3. Sinn d'Resultater vun den/der Evaluatioun(en) der Regierung schonns iwwermëttelt ginn? Falls jo: Kann d'Regierung d'Haaptresultater skizzéieren an opléschten, wéi eng Gelder konkret fir d'Ëmsetzung vum Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ ausgi goufen an u wien se gaange sinn?**

D'Resultater vun der Evaluatioun leien nach net ofschléissend vir.

Den Tëschebilan besteet aus zwee Deeler. Op där enger Säit gouf mat all de Ministère gekuckt, wéi eng vun den 93 Aktioune vum Aktiounsplang schonn ëmgesat goufen, aus wéi enge Grënn déi aner Aktiounen nach net ëmgesat goufen a wéi den Zäitplang fir dës Aktiounen ausgesäit. E groussen Deel vun den Aktioune sinn an der Ëmsetzungsphas oder konnte schonn ofgeschloss ginn. Op där anerer Säit gouf analyséiert, wéi eng nei Prioritéiten, Zilgruppen, Ziler an Aktiounen an de Plang sollen opgeholl ginn. Hei war den Optrag fir op d'Zivilgesellschaft an op d'Mënscherechtsinstitutioune duer ze goen, fir a Gespréicher nei Prioritéite fir de Plang ze identifizéieren.

De Ministère fir Gläichstellung an Diversitéit koordinéiert zënter dem Regierungswiessel d'Politik am Beräich LGBTIQ+. Am Ganze sinn 10 Ministèren an eng ganz Rei aner Organisatiounen an Acteuren um Terrain aktiv un der Ëmsetzung vun de verschiddenen Aktioune bedeelegt. Aus dësem Grond gëtt et keng detailléiert Opschlësselung vun de finanziellen Ausgabe fir d'Ëmsetzung vum Plang.

**4. Sinn d'Resultater vun den/der Evaluatioun(en) ganz oder deelweis ëffentlech zougänglech? Falls jo: Wou? Falls nee: Firwat net?**

Wëll déi lescht Validatiounen nach ausstinn, sinn d'Resultater nach net ëffentlech zougänglech. Soubal d'Evaluatioun integral virläit, wäert de Ministère matt allen implizéierten Acteuren d'Konklusiounen diskutéieren an des och der Ëffentlechkeet zougänglech maachen.

**5. Wéi eng Projeten/Mesuren wäerten 2024 am Kader vum Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ ëmgesat oder ënnerstëtzt ginn? Kann d'Regierung scho soen, wéi eng Gelder 2024 konkret an d'Ëmsetzung vum Plan d'action national pour la promotion des droits des personnes LGBTIQ sollen investéiert ginn an u wien se wäerte goen?**

Op Basis vun der Tëschenevaluatioun wäerte mir kucken, wéi mir den Aktiounsplang an eis gemeinsam Politik kënnen upassen, fir an de nächste Jore weider Fortschrëtt an alle Beräicher ze maachen. Hei brauche mir den Engagement vun der ganzer Regierung a mir wäerten och op eng weider Zesummenaarbecht mat der Zivilgesellschaft bauen.

Lëtzebuerg, den 10. Januar 2024

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes